Helperknapp, 08/05/2024

# Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

## Sëtzung vum 16 Abrëll 2024

## Präsenzen

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present | Observateuren a Experten |
|---|---|---|
| Pascale BERNA<br>Yolande EVERAD-GRAFF<br>Sylvie GIERES-DEITZ<br>Carlo KOEPP (Sekretär)<br>Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin)<br>Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin)<br>Seth RUEF<br>Lydie RUPPERT<br>Suzanne WEIS-COLLÉ | Stefanie BLOCK (entschëllegt)<br>Rosie BRANDENBURGER (entschëllegt) | |

## Dagesuerdnung

*Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst*

1. Begréissung, Presenzeléscht
2. Rapport vum 27 Februar
3. Stellungnam aus der Gemeng
4. Ausfluch mat der Marie-Astrid den 11 Juli
5. Fréijoer' s Sortie
6. Divers an nächst Dagesuerdnung

## Punkt 1 : Begréissung, Introductioun, Presenzeléscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen gegréisst. 9 Memberen waren präsent, 2 haten sech entschëllegt.

## Punkt 2 : Rapport vum 27 Februar

De Rapport gouf an der Sëtzung eestëmmeg approuvéiert.

## Punkt 3 : Stellungnamen vun der Gemeng

D' Secrétariat vun der Gemeng huet eis déi follgend Avisen geschéckt:

- Zum Punkt, Konferenz Owender (Rapport 18 Dezember)

  ***De Schäfferot huet ee positiven Avis fir d' Organisatioun vu Konferenz Owender am Hierscht ginn.***

  D' Kommissioun ass dobäi fir eng éischt Konferenz iwwert d' Fleegeversécherung nom 15 Oktober mat dem Accord vun der Gemeng z' organiséieren

- Zum Punkt Bicherkabinn a Kaffistuff (Rapport 27 Februar)
  ***D' Kulturkommissioun huet och d' Iddi opgeworf fir Bicherkabinnen an der Gemeng opzestellen. De Schäfferot huet der Kulturkommissioun ee positiven Avis zu dem Thema ginn a wäert sech iwwert d' Bicherkabinn informéieren. D' Gemeng kann allerdéngs kee feste Sall zur Verfügung stelle fir eng Kaffi Stuff mat Bichereck. D' Kommissioun kann awer gären eng Kéier eng Kaffisstuff fir déi eeler Leit organiséieren.***

  D' Kommissioun huet dat notéiert a bedauert de Saz fir d' Kaffistuff. Et war net eise Wëllen fir a feste Sall attribuéiert ze kréien. Mir wollten just eng Plaz am Debarras fir eventuell Saachen ofzestellen wéi z.B. an engem Schaf. Mir begréissen awer d' Propos fir eng kéier eng Kaffistuff z' organiséieren, eventuell gemeinsam mat aneren interesséierten Grouppen, ënner anerem mat der lokaler Amiperas Sektioun.

## Punkt 4 : Ausfluch mat der Marie-Astrid den 11 Juli

D’ Schëff ass reservéiert. Mir kruten d’ Menu Kaart geschéckt vir Platen auszewielen, a mir proposéieren déi Follgend:

| | Klassesch | | vegetaresch |
|---|---|---|---|
| **Entrée:** | Jambon du pays avec Melon | oder | Mozzarella mat Tomaten a Roquette |
| **Haaptplat:** | Duo de filets | oder | Courgette farcie aux légumes sur Couscous |
| **Dessert:** | Parfait glacé vanille mat Zooss aus exotesche Friichten | | |

Desweideren goufe mir no Iddien fir de Flyer gefrot. Do si mir de Meenung,

- Fir d’ Foto vum Schëff drop ze setzen
- Als Text, “Summer Ausfluch vir d’ Senioren” mat dem Slogan “Kommt mat (eis) op d’ Schëff”
- Ausserdeem:
    - Datum an Horaire
    - Depart vun de Bussen
    - Umeldung bis spéitstens
    - Menu
    - Finanziellen Bäitrach

## Punkt 5 : Fréijor’ s Sortie

Mir hunn bis elo direkt näischt virgesinn. Alternativ kéint dat spéider nogeholl ginn, entweder fir an de Kino oder Esch Plaza besichen ze goen.

Helperknapp, 08/05/2024

# Punkt 6 : Divers an nächst Dagesuerdnung

Fir de **nächsten Ordre du jour** kann een déi follgend Punkten vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren aus dem Gemengerot
- Kaffi Stuff Iddi mat der Amiperas diskutéieren
- Schëff Ausfluch, lëschten Check-up
- Wéi weit si mer mam Konferenz Owend
- Divers

**Nächst Sëtzung**

3 Juni um 19h30 am Gemengerot Sall

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.